



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/05/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Bannenzeg Sécherheet & Finanzen weiderzeleeden.**

Am Kader vun der Coronakris goufen lëtzebuergesch Douanieren a Policebeamten requisitionéiert, fir déi däitsch Douane a Police bei Grenzkontrollen ze ënnerstëtzen.

Am Règlement grand-ducal vum 18. Mäerz betreffend de Mesuren zum COVID-19, ass net rieds vu Grenzkontrollen. Laut dem Gesetz vum 9. Juni (*ayant pour objet d'habiliter les agents de l'administration des douanes à exercer certaines attributions de la police générale*) ass virgesinn, datt Auslänner kann d'Entrée an d'Land refuséiert ginn. Vun der Ausrees ass dobäi net rieds.

Eisen Informatiounen no kontrolléiert d'Douane an och d'Police awer den Ament och déi Leit, déi ausreesen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Féiert d'Douane an/oder d'Police ee Regëster betreffend de kontrolléierte Persounen oder deenen, déi duerchgewonk ginn? Wa jo, wat genee gëtt an dësem Regëster enregistréiert? Falls sou ee Regëster existéiert, wat ass d'Base legale fir dësen?
2. Op Grond vu wéi enger Base legale kann eng Ausrees vun der lëtzebuergescher Douane an/oder Police refuséiert ginn?
3. Wat ass d'Base legale vun den aktuelle Grenzkontrollen, déi duerch d'lëtzebuergesch Douane an/oder Police duerchgefouert ginn?
4. Goufen et eng Concertatioun mat den däitschen Autoritéiten betreffend engem Ordre d'opération fir d'lëtzebuergesch Beamten?
5. Falls sou ee Regëster existéiert, ginn dës conservéiert? Falls jo, fir wéi laang? Falls net, wat passéiert dermat?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

6. Här Minister, stellt eng Ausrees an Däitschland aktuell eng Infraktioun duer, falls kee valabele Grond fir d'Ausrees ka genannt ginn? Wa jo, wat ass hei d'Base legale?
7. Wat ass den Ordre d'Opératioun fir d'lëtzebuergesch Douanieren a Polizisten? Wéini gouf dësen un d'Douanieren a d'Polizisten ausgehännegt?
8. Wien a wat genee sinn d'lëtzebuergesch Douanieren a Polizisten opgeruff ze kontrolléieren a mussen si souwuel déi Leit kontrolléieren déi areesen, wéi och déi déi ausreesen? Kéint den Här Minister eis an dësem Kontext e puer Prezisioune liwweren?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député

